# Par Parc Our Saint-Nicolas



Foto: Peter Friebe

**Parbréif Nr 1/2025**

**18. Januar – 2. Mäerz 2025**

# Matdeelungen

## *Gebietswoch fir d'Eenheet vun den Chrëschten*
*vum 18. – 25. Januar 2025*

Thema: „Glaubst du das ?“ *(Joh 11,26)*

Tagesgebete für die Gebetswoche für die Einheit der Christen 2025

Tag 1: Das Vatersein und die Fürsorge Gottes, der das Universum regiert

Tag 2: Die Schöpfung als Gottes Werk

Tag 3: Die Menschwerdung des Sohnes

Tag 4: Das Ostergeheimnis: Leiden, Tod und Auferstehung Jesu

Tag 5: Der Heilige Geist, der Leben und Freude schenkt

Tag 6: Die Kirche: Gemeinschaft der Gläubigen

Tag 7: Die Taufe auf den Tod und die Auferstehung des Herrn

Tag 8: Warten auf das Reich Gottes und das Leben der kommenden Welt

## *Semaine de prière pour l'unité des chrétiens*
*du 18 au 25 janvier 2025*

Thème: « Crois- tu cela ? » *(Joh 11,26)*

1. Jour: La paternité et la sollicitude de Dieu, maître de l'univers
2. Jour: La création comme œuvre de Dieu
3. Jour: L'incarnation du Fils
4. Jour: Le mystère pascal : la passion, la mort et la résurrection de Jésus
5. Jour: L'Esprit Saint qui donne la vie et la joie
6. Jour: L'Église : communauté de croyants
7. Jour: Le baptême dans la mort et la résurrection du Seigneur
8. Jour: L'attente du Royaume et de la vie à venir

*Massbestellung op E-Mail: parc-our@cathol.lu*

## *Firmvirbereedung an der Par – Préparation à la confirmation*

Vu Januar bis Juni 2025 bidde mir eng Firmvirbereedung fir Jugendlecher an Erwuessener ab 16 Joer un. Déi interesséiert sinn, sollen sech am Parbüro mellen.

De janvier a juin nous offrons une préparation à la confirmation dans notre paroisse pour les  adolescents et les adultes à partir de 16 ans. Ceux et celles qui sont intéressé(e)s peuvent s'inscrire au secrétariat paroissial

## *Erneierung vum Abonnement fir de Parbréif*

Well d'Abonnement vum Parbréif den 31. Dezember 2024 ofleeft, biede mir Iech, wann Dir dat nach net gemaach hutt, äert Abonnement ze erneieren, andeems Dir fir d'Joer 2025, 15 EUR fir den normalen Abo an 20 EUR, wann de Parbréif per Post zu Iech kennt, op de Kont vum

**CGP 06 vun der Par Parc Our Saint-Nicolas**
**BCEELULL IBAN LU71 0019 5055 3949 6000**

mat der Mentioun « Abo Parbréif 2025 » iwwerweist.

Mir soen Iech villmools Merci fir Ären Interessi um Parliewen a fir Är Ënnerstëtzung vum Parbréif.

*Äert Pastoralteam*

## *Réabonnement au bulletin paroissial*

Votre abonnement au bulletin paroissial arrivant à échéance le 31 décembre 2024, nous vous invitons, si vous ne l'avez pas encore fait, à vous réabonner au bulletin paroissial pour l'année 2025 en versant 15 EUR pour l'abonnement normal, et 20 EUR si le bulletin paroissial vous parvient par courrier, au compte du

**CGP 06 de la paroisse Parc Our Saint-Nicolas**
**BCEELULL IBAN LU71 0019 5055 3949 6000**

avec la mention « réabonnement au bulletin paroissial 2025 ».

Nous vous remercions vivement de votre intérêt pour la vie de la paroisse et de votre contribution aux frais.

*Votre équipe pastorale*

## *Massbestellungen*

1. D’Massintentiounen mussen **fir d’éischt** am Sekretariat zu Veianen telefonesch (*83 41 13*) oder schrëftlech (per Mail un d’Adress *parc-our@cathol.lu* oder ausgefëlltem Formular) bestallt ginn.
2. **An dann eréischt** kënnt Dir d’Suen op den Kont vun der zoustänniger Kierchefabrik iwwerweisen.
   Gitt w.e.g. den **Numm**, den **Datum** an d‘**Uertschaft** vun der gewënschten **Massintentioun** un.

## *Konten fir d’Iwwerweisungen vun de Massintentiounen*

D’Suen fir d’Massintentiounen kënnen op den jeeweilege Kont vun der kommunaler Kierchefabrik iwwerwise ginn. Gitt w.e.g. den Numm un vun der Massintentioun an deen gewënschten Datum, deen mat dem Sekretariat ofgemaach ginn ass:

Fabrique d’église communale de **Vianden**:
**CGP n°6/Fe n°14: CCPL IBAN LU54 1111 0330 8710 0000**

Fabrique d’église communale de **Parc Hosingen**:
**CGP n°6/Fe n°12: BCEE IBAN LU21 0019 4600 0054 8000**
fir Boukelz, Duerscht, Eesbech, Holztem, Housen, Houschent, Houschter-Déckt, Konstem, Näidsen, Roudersen a Wuelessen

Fabrique d’église communale de **Pütscheid**:
**CGP n°6/Fe n°13: BCEE IBAN LU08 0019 3000 0270 3000**
fir Mierschent an Stolzebuerg

Fabrique d’église communale de **Tandel**:
**CGP n°6/Fe n°15: CCRA IBAN LU63 0090 0000 0302 6432**
fir Baastenduerf, Branebuerg a Furen.

An der ganzer Par gëllen déi nei Tarifer vun eiser Äerzdiözes:

- eng Wiertesmass: 20 €
- eng Sonndesmass: 30 €

Fir d’Begriefnisser an d’Hochzäiten kritt Dir eng demande d’offrande.

Kont vum CPG 06 vun der Par a fir Donen fir d’Parkatechees:

**BCEELULL IBAN LU71 0019 5055 3949 6000**

# Gottesdéngschtuerdnung

## Gebietswoch fir d’Eenheet vun den Chrëschten

*vum 18.-25. Januar 2025*

## Semaine de prière pour l’unité des chrétiens

*du 18 au 25 janvier 2025*

***Thema: „Glaubst du das?“ (Joh 11,26)***

***Thème: « Crois-tu cela ? » (Joh 11,26)***

## 2. Sonndeg am Liesjoer C

***1. Lies.: Jes 62, 1-5 ; 2. Lies.: 1 Kor 12, 4-11; Ev.: Joh 2, 1-11***

***Wéi kee Wäi méi do war, sot dem Jesus seng Mamm zu him:***
***« Si hu kee Wäi méi! »*** *(Joh 2,1-11)*

Dem Jesus seng Mamm ass opmierksam fir d’Suergen an d’Néit vun de Mënschen. Si fillt mat äis a si handelt. Dobäi huet si e grousst Vertrauen an de Jesus an a seng Fähegkeet, ze hëllefen. Obwuel seng Stonn nach net komm ass, geet de Jesus op hir Virsprooch an a setzt een Zeechen vu senger Herrlechkeet. Si gëtt den Dénger an eis nach e wichtege Rot mat op de Wee: Maacht dat wat hien iech seet! Loosse mir op d’Beispill vu Maria an op hirt Vertrauen an de Jesus kucken. Loosse mir och d’Suergen an d’Néit vun de Mënschen an äis eegen bei de Jesus bréngen an op hien lauschteren. Da geet äis d’Liewensfreed net aus a mir ginn wéi d’Jünger an eisem Glawen gestäerkt, wa mir dem Jesus seng Zeechen gesinn, déi hien haut duerch äis wirkt.

**Samsdeg, 18.01.2025**

| | | |
|---|---|---|
| Branebuerg | 19:00 | Virowendmass als Stg. fir Baron de Rollingen an d’Koppel Haber-Weiler |
| Veianen-TK | 19:00 | Célébration de la parole en portugais |

**Sonndeg, 19.01.2025**

| | | |
|---|---|---|
| Stolzebuerg | 09:00 | Mass fir Tilli a Nic Groeff-Trausch |
| Housen | 10:30 | Mass fir d’Verstuerwen vun de Familljen Girrens-Schroeder a Schildermans-Janssen, Mass als Stg. fir d’Famill Paula Baumann-Breidt |
| *zur selwechter Zäit:* | | **Kannerwuertgottesdéngscht** |

Veianen-TK 10:30 Wuertgottesdéngscht
*zur selwechter Zäit:* **Kannerwuertgottesdéngscht**
*(Sall ënnert der Sodalitéitskapell zu Veianen)*

**Méindeg, 20.01.2025** **Heiliger Sebastian,** *Märtyrer (+ um 303)*
**Heiliger Fabian,** *Papst, Märtyrer (+ um 250)*

Veianen-SA 10:15 Wuertgottesdéngscht
Holztem 10:45 Mass *(Foyer)*

**Dënsdeg, 21.01.2025** **Heilige Agnes,**
*Jungfrau, Märtyrerin in Rom (+ 3. Jht.)*
**Heiliger Meinrad,** *Mönch auf der Reichenau, Einsiedler, Märtyrer (+861)*

Veianen-SB 10:45 Mass

**Mëttwoch, 22.01.2025** **Heiliger Vincenz,** *Diakon und Märtyrer (+304)*

Housen 10:00 Mass als 3. Wochemass
fir Anna Berscheid-Dahm *(Kapell)*
Bëttel 18:00 Mass fir d'Verstuerwe
vun der Famill Siebenaller-Weydert

**Donneschdeg, 23.01.2025** **Seliger Heinrich Seuse,**
*Ordenspriester, Mystiker (+1366)*

*keng Mass*

**Freideg, 24.01.2025** **Heiliger Franz von Sales,** *Bischof von Genf, Ordensgründer, Kirchenlehrer (+1622)*

Housen 19:00 Rousekranz *(Kapell)*

## 3. Sonndeg am Liesjoer C

***Sonndeg vum Herrgott sengem Wuert***
***Dimanche de la Parole de Dieu***

*Kollekte: «Für die Leprakranken (Fondation Follerau Luxembourg)».*

***1. Lies.: Neh 8, 2-4a.5-6.8-10; 2. Lies.: 1 Kor 12, 12-31a; Ev.: Lk 1, 1-4; 4, 14-21***

***Den Här huet mech geschéckt,***
***fir deenen Aarmen eng gutt Noriicht ze verkënnegen*** *(Lk 4,18)*

Dëse Sonndeg stellt de Jesus äis sech a seng Missioun a senger éischter Priedegt vir. Dat geschitt op engem Sabbat an der Synagog zu Nazareth, wou hien opgewuess ass. Hien liest dobäi en Abschnitt aus dem Prophéit Jesaja iwwert de

Messias, deen vum Herrgott gesaleft ass, fir deenen Aarmen an Ennerdréckten eng Botschaft vun Trouscht a Befreiung ze bréngen. Mat him huet sech dëst Verspriechen aus der Helleger Schrëft erfëllt. Dem Jesus säin éischt Wuert “haut” bleift zu all Zäit aktuell. Dem Herrgott säi Wuert schwätzt äis haut an eisem Häerz un. Loosse mir äis dovun beréieren a verwandelen. Huele mir deen Trouscht an déi Hoffnung, déi hien äis schenkt un. Loosse mir äis wéi hien mat der gudder a frouer Noriicht vum Herrgott bei eis aarm Matmënschen haut schécken a se mat eisem Liewen bezeien.

| | | |
|---|---|---|
| **Samsdeg, 25.01.2025** | | **Bekehrung des Heiligen Apostels Paulus** |
| Holztem | 18:00 | Mass zu Éieren vum hellegen Antonius |
| **Sonndeg, 26.01.2025** | | **Sodalitéitsdag zu Veianen** |
| Mierschent | 09:00 | Mass fir Jos Peffer, fir Jos Weis a<br>fir d’Familljen Heiles-Nober a Peffer-Glesener,<br>Mass als 1. Joermass fir Margret Dockendorf<br>an als 6. Wochemass fir Franz Reis |
| Housen | 10:30 | Wuertgottesdéngscht |
| *zur selwechter Zäit:* | | **Kannerwuertgottesdéngscht** |
| Veianen-TK | 10:30 | Houmass zu Éieren vun der Muttergottes<br>mat de Jongsodalen mat Ophuele<br>vun engem neie Member<br>an als Joermass fir Erny Theis |
| **Méindeg, 27.01.2025** | | **Heilige Angela Merici,**<br>*Jungfrau, Ordensgründerin (+1540)* |
| Veianen-SA | 10:15 | Mass |
| **Dënsdeg, 28.01.2025** | | **Heiliger Thomas von Aquin,**<br>*Ordenspriester, Kirchenlehrer (+1274)* |
| Veianen-SB | 10:45 | Mass |
| **Mëttwoch, 29.01.2025** | | |
| Housen | 10:00 | Mass als Stg. fir d’Famill Paula Baumann-Breidt,<br>Mass als 4. Wochemass fir Anna Berscheid-Dahm, *(Kapell)* |
| **Donneschdeg, 30.01.2025** | | |
| *keng Mass* | | |

**Freideg, 31.01.2025** **Heiliger Johannes Bosco,**
*Priester, Ordensgründer (+1888)*

Housen 19:00 Rousekranz *(Kapell)*

## 4. Sonndeg am Liesjoer C

***Darstellung des Herrn – Mariæ Lichtmess***

*Kollekte: „Für das Missionswerk der Kinder"*
*« collecte pour l'enfance missionaire »*

***1. Lies.: Mal 3, 1-4; 2. Lies.: Hebr 2, 11-12.13c-18; Ev.: Lk 2, 22-40***

***« Kuck, deen heiten ass agesat, fir datt duerch hien der vill an Israel falen an datt vill anerer opgeriicht ginn, an hien ass agesat, fir en Zeechen ze sinn, deem widdersprach gëtt. »*** *(Lk 2,34)*

An de Persoune vum Simeon an der Hanna begéint de Jesus am Tempel sengem Vollek. Si hunn laang op hien gewaart a sech op säi Kommen virbereet. Elo, wou hir Erwaardung sech erfëllt, sinn si voll Freed iwwert dat Liicht, wat mam Jesus an d'Welt komm ass. Mee de Simeon weess och, datt de Jesus e schwéiere Wee muss goen an datt hien bei sengem Vollek och op Feindschaft an Ofleenung stéisst. Hien seet senger Mamm Maria viraus, datt si Undeel u senge Schmäerzen hëllt. Wéi si kënne mir äis och a Freed a Leed mam Jesus verbonne fillen. Grad duerch seng Passioun huet hien äis vum Béisen a vum Doud befreit an Undeel u sengem neien an éiwege Liewe geschenkt.

**Samsdeg 01.02.2025**

Baastenduerf 18:00 **Familljemass** fir Liichtmessdag

**Sonndeg, 02.02.2025**

Houschent 09:15 Mass fir Valérie Wagener-Schuller

Housen 10:30 Mass
als 5. Wochemass fir Anna Berscheid-Dahm

*zur selwechter Zäit:* **Kannerwuertgottesdéngscht**

Veianen-TK 10:30 Wuertgottesdéngscht

**Méindeg, 03.02.2025** **Heiliger Blasius,** *Bischof von Sebaste in Armenien, Märtyrer (+um 316)*
**Heiliger Ansgar,**
*Glaubensbote in Skandinavien (+ um 865)*

Veianen-SA 10:15 Mass

| | | |
|---|---|---|
| **Dënsdeg, 04.02.2025** | | **Heiliger Rabanus Maurus,** *Erzbischof von Mainz (+ 856)* |
| Veianen-SB | 10:45 | Mass |
| **Mëttwoch, 05.02.2025** | | **Heilige Agatha,** *Jungfrau, Märtyrerin (+ um 250)* |
| Bëttel | 18:00 | Mass fir d'Famille Weyland-Elsen-Weis |
| **Donneschdeg, 06.02.2025** | | **Heiliger Paul Miki und Gefährten,** *Märtyrer in Nagasaki (+1597)* |

*keng Mass*

| | | |
|---|---|---|
| **Freideg, 07.02.2025** | | |
| Housen | 19:00 | Rousekranz *(Kapell)* |

## 5. Sonndeg am Liesjoer C

***1. Lies.: Jes 6, 1-2a.3-8; 2. Lies.: 1 Kor 15, 1-11; Ev.: Lk 5, 1-11***

***« Meeschter, déi ganz Nuecht hu mir äis kristillegt, a mir hunn näischt kritt; ma wann s du et sees, da loossen ech d’Netzer erof. »*** *(Lk 5,5)*

Mir alleguerten kennen d’Gefill vum Scheiteren a vun der Enttäuschung, dat de Péitrus a sengem Gespréich mam Jesus ausdréckt. Mir hunn Dreem a Projeeën an trotz eisem gudde Wëllen an eiser grousser Ustrengung bleiwen eis Netzer och oft eidel. Da kann an eisem Häerz d’Gefill vun der Enttäuschung an der Verbatterung opkommen a mir kënnen drun denken, fir opzeginn. Mee da kënne mir äis drun erënneren, datt de Jesus grad an dem Péitrus säin eidelt Boot geklommen ass, fir d’Evangelium ze verkënnegen. Hien ass de Gott vun de Wonner an den Iwwerraschungen. Hien kënnt bei äis, och wa mir him näischt ubidde kënnen, wéi eis eidel Hänn. Hien ass et, deen äis d’Hänn an d’Häerz fëllt, wa mir hien an d’Boot vun eisem Liewen eraloossen, wa mir äis fir seng Presenz opmaachen a mat him an d’Déift fueren. Hien stäerkt dem Péitrus säin Selbstvertrauen nees. Loosse mir wéi e Péitrus op dem Jesus säi Wuert vertrauen an him dat Wéinegt, wat mir hunn, zur Verfügung stellen. Da mécht hien a senger grousser Baarmhäerzegkeet och aus äis Mënschefëscher, déi d’Wonner vun engem räiche Fëschfang erliewen.

| | | |
|---|---|---|
| **Samsdeg 08.02.2025** | | **Heiliger Hieronymus Ämiliani,** *Ordensgründer (+1537)* **Heilige Josefine Bakhita,** *Jungfrau (+1947)* |
| Wuelessen | 18:00 | Virowendmass als Joermass fir Martha Baustert-Bourgmeyer, |

| | | |
|---|---|---|
| | | fir Nic Baustert a Geschwëster<br>a fir Léonie Baustert-Reiffers |
| **Sonndeg, 09.02.2025** | | **Sodalitéitsdag zu Veianen** |
| Stolzebuerg | 09:00 | Mass fir Helene a Jos Heinen-Kalbusch |
| Housen | 10:30 | Mass als 1. Joermass fir Michèle Girrens,<br>Mass als 6. Wochemass<br>fir Anna Berscheid-Dahm |
| *zur selwechter Zäit:* | | **Kannerwuertgottesdéngscht** |
| Veianen-TK | 10:30 | Houmass |
| *zur selwechter Zäit:* | | **Kannerwuertgottesdéngscht**<br>*(Sall ënnert der Sodalitéitskapell zu Veianen)* |
| **Méindeg, 10.02.2025** | | **Heilige Scholastika,** *Jungfrau (+547)* |
| Veianen-SA | 10:15 | Mass |
| **Dënsdeg, 11.02.2025** | | **Gedenktag Unserer Lieben Frau in Lourdes** |
| Veianen-SB | 10:45 | Mass fir André a Jacky Schmit |
| Holztem | 10:45 | Mass *(Foyer)* |
| **Mëttwoch, 12.02.2025** | | |
| Housen | 10:00 | Mass *(Kapell)* |
| **Donneschdeg, 13.02.2025** | | |
| *keng Mass* | | |
| **Freideg, 14.02.2025** | | **Heiliger Cyrill** *(Konstantin), Mönch,*<br>*und* **Heiliger Methodius,** *Bischof,*<br>*Glaubensboten bei den Slawen,*<br>*Schutzpatrone Europas (+ 869 bzw. 885)* |
| Housen | 19:00 | Rousekranz *(Kapell)* |
| Boukels | 18:00 | Mass zu Éieren vum hellege Valentin |




Jedes Jahr begeht die Kirche am Gedenktag Unserer Lieben Frau in Lourdes, der am 11. Februar gefeiert wird, den Welttag der Kranken. Dieser Anlass ist eine günstige Gelegenheit, um über das Geheimnis des Leidens nachzudenken und feinfühliger zu werden gegenüber den kranken Brüdern und Schwestern.

*Papst Benedikt XVI.*

# 6. Sonndeg am Liesjoer C

***1. Lies.: Jer 17, 5-8; 2. Lies.: 1 Kor 15, 12.16-20; Ev.: Lk 6,17.20-26***

***« Glécklech dir, déi dir elo kräischt, well den Dag kënnt, wou dir nees laacht! »*** *(Lk 6,21b)*

D'Séilegpreisungen beschreiwen d'Identitéit vum Jesus sengem Jünger. Si klenge friem an onverständlech fir een, deen net säi Jünger ass, mee fir een, deen dem Jesus wëllt nokommen a liewe wéi hien, maachen se Sënn. De Jesus huet beim Leed net ewech gekuckt, mee sech dovunner beréiere gelooss a gehollef. De Jesus war trauereg iwwert dat haart Häerz vun de Schrëftgeléierten an de Pharisäer an iwwer d'Schicksal vu sengem Vollek. De Jesus huet och bei Doud vu sengem Frënd Lazarus gekrasch. Traureg sinn a kräischen ass keng Schan, mee et gehéiert zum echte Mënschsinn an et ass deen éischte Schrëtt, fir eppes zum Positiven ze veränneren. Haart an zou ze ginn a keng Gefiller méi ze hunn, ass déi echt a gréisst Gefor, wärend Tréinen an der spiritueller Traditioun als eng Gof vum Herrgott ugesinn ginn. Loosse mir mat deenen Aarmen, Kranken an Ënnerdréckten ënnert dem Leed an dem Onrecht op der Welt leiden, a gleewen, datt mir mat der Hëllef vum Herrgott eppes zum positive verännere kënnen an datt seng Guttheet a Baarmhäerzegkeet sech um Enn duerchsetzt.

**Samsdeg 15.02.2025**

| | | |
|---|---|---|
| Laaschent | 18:00 | Mass zu Éieren vum hellege Valentin,<br>Mass fir René, Patrick, Loris a Eliane Zanier,<br>Mass fir d'Famill Hermann-Hens |
| Eesbech | 18:00 | Mass zu Éieren vum hellege Matheis |
| Veianen-TK | 19:00 | Missa em Português |
| **Sonndeg, 16.02.2025** | | **Feier vum 80. Joresdag<br>vun der Befreiung vu Veianen** |
| Veianen-TK | 09:00 | Gebiet vum Groussrabbiner Alain Nacache a<br>Gebiet vum US Chaplain Capt. Carl Johnson<br>fir déi gefalen amerikanesch Zaldoten |
| | 09:10 | Houmass als Stëftungsmass fir déi 11 bei der<br>Befreiung vu Veianen gefalen amerikanesch<br>Zaldoten –<br>A Presenz vum Weibëschof Léon Wagener an<br>dem lëtzebuerger Militäraumônier<br>Lt. Col. Nicolas Wenner |

| | | |
|---|---|---|
| Houschent | 09:15 | Mass fir Josy Schroeder<br>a fir Thérèse a Nikela Schroeder-Dimmer |
| Housen | 10:30 | Mass als Stg. fir d'Famill Leiber-Doener |
| *zur selwechter Zäit:* | | **Kannerwuertgottesdéngscht** |
| **Méindeg, 17.02.2025** | | **Heiligen Gründer des Servitenordens**<br>*(+13./14. Jht.)* |
| Veianen-SA | 10:15 | Mass |
| Holztem | 10:45 | Mass *(Foyer)* |
| **Dënsdeg, 18.02.2025** | | |
| Veianen-SB | 10:45 | Mass fir d'Famille Junker-Louis |
| **Mëttwoch, 19.02.2025** | | |
| Housen | 10:00 | Mass *(Kapell)* |
| Bëttel | 18:00 | Mass fir Felix Eischen,<br>Mass fir Abbé Matthias Weyland |
| **Donneschdeg, 20.02.2025** | | **347. Jahrestag der Erwählung der heiligen Jungfrau Maria, der Trösterin der Betrübten, zur Patronin des Herzogtums Luxembourg** |
| Longsdrëf | 19:00 | Mass |
| **Freideg, 21.02.2025** | | **Heiliger Petrus Damiani,**<br>*Bischof, Kirchenlehrer (+ 1072)* |
| Housen | 19:00 | Rousekranz *(Kapell)* |

## 7. Sonndeg am Liesjoer C

***1. Lies.: 1 Sam 26, 2.7-9.12-13.22-23; 2. Lies. 1 Kor 15, 45-49:; Ev.: Lk 6,27-38***

***« Dir awer sollt är Feinde gär hunn, Guddes doen a léinen,***
***ouni eppes zréck ze erhoffen! »*** *(Lk 6,35)*

Bei senge fundamentale Weisungen fir eist Liewen als Chrëschten an der Welt invitéiert de Jesus äis, iwwert eisen Instinkt an iwwert den Haass erauszegoen. Eis Feinde gär ze hunn an net géint d'Gewalt vun deene Mächtegen ze reagéieren, ass dat net onméiglech an ongerecht? Kucke mir op dem Jesus säi Beispill, wéi hien a senger Passioun vum Dénger vum Hohepriester op de Bak geschloen gëtt. Hien vernennt dësen net, ma hien freet Rechenschaft. De Jesus erdréit net a Stëllt a gëtt der Ongerechtegkeet net no, mee weist drop hin, awer ouni Roserei an ouni Gewalt. Hien wëllt de Brudder, dee schëlleg ginn ass,

erëmgewannen. Dat ass net einfach, mee de Jesus huet äis et virgemaach. A senger grousser ënnerer Kraaft an a senger Doussheet huet hien dat Béist duerch dat Gudd iwwerwonnen an op d'Absurditéit vum Haass an der Gewalt opmierksam gemeet. Et ass déi gratis an onverdéngte Léift vum Jesus, déi äis d'Kraaft gëtt, him et nozemaachen an op Revanche a Géigeleeschtung ze verzichten. Loosse mir dofir dem Hellege Geescht bieden, an eisen Häerzer ze wierken an loosse mir och nom Jesus sengem Beispill fir déi Mënsche bieden, déi äis Béises dinn oder äis ausnotzen. Dat ass deen éischte Schrëtt, fir dat Béist an dat Gutt ze verwandelen.

| | | |
|---|---|---|
| **Samsdeg 22.02.2025** | | **Kathedra Petri** |
| Housen | 11:30 | **Daf** vum Lio Pereira Abreu |
| Veianen-TK | 15:00 | **Daf** vum Georgina Maria,<br>**Daf** vum Christian Bona Ngandjeu Leuwat |
| Branebuerg | 19:00 | Virowendmass als Stg. fir R.D. Mat. Weiler,<br>seng Verwandschaft a seng Wohltäter |
| **Sonndeg, 23.02.2025** | | |
| Furen | 09:00 | Mass zu Éieren vum hellege Matheis,<br>Mass fir Ralf Schmitz,<br>Mass fir Marie-Josée Schank-Genson,<br>Mass fir Jean-Pierre Theis |
| Näidsen | 09:00 | Mass zu Éieren vum hellege Matheis,<br>Mass fir d'Familljen Turmes-Theis<br>an Turmes-Herrmann |
| Housen | 10:30 | Mass |
| *zur selwechter Zäit:* | | **Kannerwuertgottesdéngscht** |
| Veianen-TK | 10:30 | Houmass |
| Housen | 11:30 | **Daf** vum Phil Heiderscheid |
| **Méindeg, 24.02.2025** | | **Heiliger Matthias,** *Apostel* |
| Veianen-SA | 10:15 | Mass |
| **Dënsdeg, 25.02.2025** | | **Heilige Walburga,**<br>*Äbtissin von Heidenheim (+ 779)* |
| Veianen-SB | 10:45 | Mass fir d'Koppel Nic Müller a Cecile Olsen |
| **Mëttwoch, 26.02.2025** | | |
| Housen | 10:00 | Mass *(Kapell)* |

**Donneschdeg, 27.02.2025 Heiliger Gregor von Narek** *(+1005)*

*keng Mass*

| | | |
|---|---|---|
| **Freideg, 28.02.2025** | | **Heiliger Albinus,** *Bischof von Angers (+554)* |
| Housen | 19:00 | Kräizwee *(Kapell)* |

## 8. Sonndeg am Liesjoer C

***1. Lies.: Sir 27,4-7; 2.Lies.: 1 Kor 15, 54-58; Ev.: Lk 6,39-45***

***« All Bam gëtt u senge Friichten erkannt. »*** *(Lk 6,44)*

Am Evangelium vun dësem Sonndeg weist de Jesus äis mat kuerze Gläichnësser, wéi mir e richtegt  a weist Liewe kënne féieren an Aen hunn, déi gutt gesinn an net blann sinn. Dat erkënnt een virun allem un deene Friichten, déi mir droen. Dës Friichte sinn esouwuel eis Handlungen an eis Wierder. Deen, dee gutt ass, gesäit och an deenen aneren dat Gudd a bauscht dat Schlecht net op, mee ass baarmhäerzeg mat deenen aneren, well hien sech och senge Feeler bewosst ass. Hien schwätzt och net schlecht vun deenen aneren a kritiséiert alles, well dat zerstéiert d'Famill an d'Gemeinschaft. Loosse mir äis dofir froen: Wéi eng Friichten droen ech? Wéi kucken ech op déi aner a wéi schwätzen ech vun hinnen? Gesinn ech meng eege Feeler a sinn e bereet, fir d'éischt mech ze besseren, éier ech probéieren, déi aner ze änneren? Loosse mir äis de Jesus als Beispill huelen, da kënne mir gutt Friichte brengen a sécher Weeweiser fir déi aner sinn.

| | | |
|---|---|---|
| **Samschdeg, 01.03.2025** | | **Heiliger Albinus,** *Bischof von Angers (+ 550)* |
| Baastenduerf | 19:00 | Virowendmass |
| **Sonndeg, 02.03.2025** | | |
| Mierschent | 09:00 | Mass zu Éieren vum hellegen Albinus |
| Konstem | 09:15 | Mass zu Éieren vum hellegen Albinus,<br>Mass als 4. Joermass fir Marcy Jacoby-Dumong,<br>als 3. Joermass fir Bertha Thilgen-Dumong an<br>als Joermass fir Yvonne Lutgen-Adler |
| Housen | 10:30 | Mass |
| *zur selwechter Zäit:* | | **Kannerwuertgottdéngscht** |
| Veianen-TK | 10:30 | Houmass |
| Näidsen | 15:00 | **Hochzäit** vun Paul a Jessica Zahnen |

## Kontakt: parc-our@cathol.lu

**Jeannot Gillen** – *Dechen a Moderator*
***Dechenshaus – Presbytère***
45, Grand-Rue – L-9410 Vianden
83 41 13 / 621 14 72 25
jeannot.gillen@cathol.lu
**Carlos Romário Arnold** – *Paschtouer*
18, Kräizgaass – L-9807 Hosingen
92 13 45 / 621 83 54 69
carnold2@freenet.de

**Jürgen Kusch** – *Diakon*
621 19 98 22
juergen.kusch@cathol.lu
**Diego De LIma** – *Diakon*
661 26 20 62
diego.delima@cathol.lu

Homepage:
***https://cathol.lu/parc-our***

***Parbüro Veianen –***
***Bureau paroissial à Vianden***

**Mandy Hofmann** – *Parsekretärin*
45, Grand-Rue – L-9410 Vianden
83 41 13
parc-our@cathol.lu

| | |
|---|---|
| *Dënsdes / mardi :* | *09.00 / 12.00 Auer* |
| *Mëttwoch / mercredi:* | *09.00 / 12.00 Auer* |
| | *16.00 / 18.00 Auer* |
| *Freides / vendredi:* | *09.00 / 12.00 Auer* |
| | *14.00 / 16.00 Auer* |

## *Redaktiounsschluss fir de nächste Parbréif:*

14. Februar 2025 / parc-our@cathol.lu

Wann Dir Är Massen bestellt, passt wannechgelift op, datt déi nächst Porbréiwer wéi follegt publizéiert ginn. Villmols Merci!

| ***Parbréif*** | ***Period*** | ***Redaktiounsschluss*** |
|---|---|---|
| ***02/2025*** | 01.03.2025 – 13.04.2025 | 14.02.2025 |
| ***03/2025*** | 12.04.2025 – 08.06.2025 | 28.03.2025 |
| ***04/2025*** | 07.06.2025 – 13.07.2025 | 23.05.2025 |
| ***05/2025*** | 12.07.2025 – 14.09.2025 | 27.06.2025 |
| ***06/2025*** | 13.09.2025 – 26.10.2025 | 29.08.2025 |
| ***07/2025*** | 25.10.2025 – 30.11.2025 | 10.10.2025 |
| ***08/2025*** | 29.11.2025 – 18.01.2026 | 14.11.2025 |



# Firmung – Confirmation – Confirmação

# 2 0 2 5

## Par Parc Our Saint-Nicolas

**Begeeschtert fir d' gëttlech Léift - inspiré par l'amour divin - inspirado pelo amor divino**

